**<u>Evangelium vum 25. Sonndeg C</u>**
**<u>Lk 16, 10-13 (Kuerzfaassung)</u>**

## KONTEXT

D'Laangversioun vum Evangelium vun dësem 25. Sonndeg C geet vu Lk 16, 1-13 (= d'Gläichnes vum treien/ongerechte Verwalter + d'Erklärungssprécht), d'Kuerzfaassung behält just d'Erklärungsverse vu Lk 16, 10-13 zréck. – D'Reienfolleg, wéi de Lk hei Saachen uneneegereit huet, soll seng Lieser/Nolauschterer un d'Nodenken, oder besser, un d'Ëmdenke bréngen : d'éischt kënnt d'Gläichnes vum Verwalter, wou zwéin Themen ukléngen, den Ëmgank mat Besëtz a Vertaue verdingt hunn, gerued sinn (Vv. 1-8a ; verschidde Wierder, déi erëmkomme maachen de Lien, z. B. 'Mammon' an de Vv. 9.11.13 ; trei, Vv. 10.11.12), da komme Spréch, Léieren déi dës béid Themen erëm opgräifen (Vv. 8b-14/14-18), duerno da kënnt d'Gläichnes, als lescht Warnung souzesoen, vun deem Räichen an dem aarme Lazarus (Vv. 19-31).

## TEXT

**De Jesus sot zu senge Jünger :**

Dës Aleedung ass am liturgeschen Text derbäigesat.

**« Een, deen trei ass am Klengen, ... (V. 10) :**

Trei, vertrauenswüürdeg ; ongerecht, ongrued, falsch, d.h. datt déi Adjektiver, déi gebraucht ginn, eng bestëmmte Resonanz hunn. – D'**Vv. 10-12** fanne mer och just beim Lk, deem de richtegen Ëmgank mam Besëtz a mat de Sue jo en Uleies war (cf. d'Evangelium vum 23. Sonndeg C, V. 33). Si kënnen ugesi gi wéi e Kommentar, wéi eng Erklärung zu dem Gläichnes vum Verwalter (cf. **Kontext**). – De **V. 10a** ass positiv formuléiert, de **V. 10b** negativ – deemno wier 10a eng Opfuerderung sech esou ze behuelen, an 10b eng Warnung, net esou ze sinn.

**Wann dir also mat deem ongerechte Mammon net trei ëmgaange sidd, ... (Vv. 11-12) :**

No der (duebeler) Erkenntnis aus dem **V. 10** kommen elo zwou rhetoresch Froen, déi tselwescht (=parallel) opgebaut sinn a sech op den ongerechte Mammon (cf. Vv. 9.**13** ; 'Mammon' kënnt aus dem Aramäeschen an huet zu Ugangs 'Räichtum' bedeit ; séier huet d'Wuert awer en negative Bäigeschmaach kritt an de Mammon gëtt hei gesi wéi eppes, dat - ganz aktuell - eigentlech d'Welt régéiert) a mat deem, op dat et wierklech ukënnt bezéien. – Et ass gutt méiglech, datt am Hannergrond eng Warnung, wann net esou guer eng Strofpriedegt steet, fir Verwalter vun/aus dem Lk senger chrëschtlecher Gemeinschaft : si hate frieme Besëtz ze verwalten, an trei ze sinn, an ze uechten op dat, op dat et wierklech ukënnt (=dem Herrgott säi Räich, wéi mer vun anerwäerts aus dem Lk wëssen); nëmme wien sech bei dier Aufgab als trei erwisen huet an sech Vertraue verdingt huet, kritt seng Deel, fir et emol esou ze soen, Jéngsterdag (**V. 12**). Den Ëmgank mam (frieme) Besëtz ass also en Test (cf.

d'Vv. 1-8, déi spéitstens elo als Warnung ze verstoe sinn) fir d'Jünger, resp. fir déi, déi Verantwortung hunn.

**Kee Kniecht kann zwéin Hären déngen, entweder ... (V. 13) :**

Dëse Vers fanne mer och a Mt 6, 24 (an der 'Biergpriedegt' !), hie kënnt also wahrscheinlech aus der 'Redequelle', dier Sammlung vun Aussoe vum Jesus, déi ganz fréi scho gesammelt gi waren. Dat griichescht Wuert 'oiketäs' kann iwwersat gi mat 'Kniecht', 'Sklav' oder 'Dénger bannen am Haus'. – Datt een net zwéin Hären dénge kann, war an ass gewosst ; hei bezitt de Jesus déi Wäisheet dann op Gott an de Mammon. – De Mammon war am V. 9 als Mëttel zum Zweck beschriwwen, an de **Vv. 10-12** als Test fir d'Jünger/d'Chrëschten, an elo am **V. 13** gëtt e wéi eng Gottheet beschriwwen. Mee, Gott kann een net nëmmen hallef déngen oder hallef trei sinn (cf. Lk 10, 27 ; Dtn 6, 5). Et ass also guer net esou evident, wéi an enger chrëschtlecher Gemeinschaft mam Mammon ëmgaange gëtt an et bleiwt bestänneg en Test fir déi Leit, déi dermat 'betreit' (do ass 'trei' mat dran) sinn.

(F. Biver-Pettinger)